

Dat gesot, bréngen ech trotzdeem den Accord vu menger Fraktioun. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Mosar. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Yves Cruchten. Här Cruchten, Dir hutt d'Wuert.

**M. Yves Cruchten (LSAP)** | Merci, Här President. Ech géif och gär fir d'Éischt dem André Bauler e grouse Merci soe fir säi Rapport. An e war esou komplett, dass ech just nach brauch den Accord vun der LSAP ze ginn.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Cruchten. An da wier et un där honorabelen Madamm Josée Lorsché.

**Mme Josée Lorsché (déi gréng)** | Merci, Här President. Ech schlësse mech mengem Virriedner un. Mir ginn den Accord natierlech ganz gären, well mer déi Moossnamen hei och ganz wichteg fannen, an natierlech och mat engem Merci un den André Bauler fir säi komplette Rapport.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Madamm Lorsché. Da wier et um honorabelen Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Jo, Här President, och vun eiser Säit aus e grouse Merci un den Här Bauler. Wéi mer et vun him gewinnt sinn, mécht en dat extreem grëndlech a pedagogesch, soudatt, mengen ech, den Inhalt vun deem Gesetz hei verstëndlech an och komplett duergestallt gouf.

Et muss een elo kucken: Mir hunn hei deen Delai ëm ee Joer verlängert. Ech ka wierklech nëmmen déi Hoffnung ausdrécken, déi mer alleguer hunn, datt de Krich net nach e Joer dauert an datt mer vläicht och guer net déi laang Verlängerung an der Wierklechkeet brauchen.

Wat awer elo dann och kënnt: Ech mengen, och wann et, wat mer jo hoffen, zu engem Waffestëllstand oder zu engem Fridde géif kommen, dann ass et nach eng Fro, wéi d'Sanktiounspolitik vun der Europäescher Unioun sech da géif entwéckelen, ob et dann och kéint relativ séier zu enger Ofschafung vun deene Sanktiounen kommen. Well déi Prozesser si schwieereg an déi politesch Appreciation an deem heiten Theemekomplex si ganz ënnerschiddlech tëschent de Memberlänner an der Unioun, soudatt een elo net weess, wéi sech dat alles weiderentwéckelt.

Et ass och dat, wat an Ärem Rapport, Här Bauler, ganz kloer ënnerstrach ginn ass. Et ass eng extreem volatil Situatioun, net nëmme fir d'Entreprises, mee ech mengen, och fir déi staatlech Acteure wéi mir, déi einfach probéieren, Risiken ofzefiedere fir d'Entreprises an och fir d'Leit an dëser Situatioun. Et ass eng Politik, déi mer musse maachen, d'Offiederung vun de Konsequenzen, well mir kënnen einfach net zouloossen, datt déi privat Stéit oder eis Entreprises an engem Mooss ënnert dëser Situatioun leiden, dat géif zu grouse sozialen oder ekonomesche Verwiefungen féieren an eiser Gesellschaft.

Den Här Mosar huet d'Zënsevolutioun ugeschwat. Hien huet ganz Recht, fir dat ze maachen. Et ass jo och vun der Europäescher Zentralbank schonn ugekënnegt ginn, datt nach weider Zënsschrëtt nokommen. Dat heescht, och hei lafe mer éischter an eng Verschäerfung vun der Situatioun an eng Erhéijung vun den ekonomesche Risiken eran. Émsou méi wichteg ass et, datt mer hei Moossnamen huelen, fir déi Evolutioun ze begleeten an ofzefiedere.

Dat gesot, wäert d'ADR dat hei selbstverständlech matdroen, well eis Politik konstant déi ass, an dëser

Situatioun d'negativ Konsequenze vun de Leit a vun den Entreprises esou wäit wéi méiglech ewechzehalen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Kartheiser. An ech ginn d'Wuert weider un d'Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk)** | Jo, merci, Här President. Och vun eis aus e grouse Merci un de Rapporteur fir säi gudden mëndlechen a schrëftlechen Rapport. Mee mir bleiwen eiser Linn treu, mir wäerten eis bei dësem Projet de loi enthalen. Den Här Rapporteur André Bauler huet et scho gesot, mir gesinn et esou änlech wéi d'CSL. Mir wëssen natierlech och, datt verschidden Entreprises dës Aiden, dës Garantien onbedéngt brauchen. Mee op där anerer Säit kënnt eis awer dee ganze soziale Volet an all deene Projet-de-loien do leider ze kuerz, well keng Garantie fir d'Salariéen dra sinn. Voilà.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Merci, Här President. Merci als Éischt un de Rapporteur, den Här André Bauler, fir en exzellente mëndlechen a schrëftlechen Rapport. Et gouf elo grad gesot: „Mir bleiwen eiser Linn treu.“ Ma och d'Piraten bleiwen hirer Linn treu. Dat heiten ass d'Verlängerung vun engem Text, dee mer schonn am Juli hei an der Chamber matgestëmmt haten, an deementspreechend wäerte mer en och haut matstëmmen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

### Prise de position du Gouvernement

**M. Franz Fayot, Ministre de l'Économie** | Merci Här President. Och vu mir fir d'Éischt emol e Merci un den André Bauler fir säi ganz gudden Rapport. Jo, mir maache mat dësem Gesetz engersäits eng Verlängerung vun deem Hëlleferegime mat de Garantien, och am Esprit, fir esou wäit wéi méiglech de Kader vun der Europäescher Kommissioun auszuschöpfen. Mir verlängeren dat engersäits ëm ee Joer. Mir maachen et och e bësse méi breet op, andeems mer de maximale Montant vun der Garantie adaptéieren.

Elo kënnen dat bis zu sechs Méint Energieverbrauch sinn, gekuckt op déi nächst sechs Méint. Domadder geet bei deene meeschte Betriber de maximale Montant vum Prêt bei enger Bank, dee ka garantiéiert ginn, substanzziell an d'Luucht. Och dat, mengen ech, ass e wichtegt Instrument. Et ass net dat eenzeg, mee et ass complementaire zum Rescht vun der Wierkkëscht an et ass do, fir effektiv am Fall, wou Liquiditéitsproblemer sinn, de Betriber zur Säit ze stoën. Gradesou wéi mer dat scho während der Pandemie gemaach hunn, ass dat heiten elo e gutt bekannt Instrument, wat, wéi gesot, och seng Preuvé gemaach huet.

Vläicht just nach, fir Iech eng Iddi ze ginn, wéi wäit dat Instrument bis elo benotzt ginn ass am Kader vun der aktueller Kris: Op den 1. Dezember si 15 Préten akzeptéiert gi fir en totale Montant vun enger ongeféier 18 Milliounen Euro. Den totale Montant vun der Garantie ass dobäi bei 16 Milliounen Euro. Do kann ee soen, datt ass net vill am Kader vun deem Plaffong vu 500 Milliounen, mee ëmmerhin ass et eppes an et weist, dass heirop zréckgegraff gëtt vu verschiddene Betriber.

Ech géif och gären zum Schluss soen, dass d'Yuriko Backes, d'Finanzministesch, haut net kann do sinn, dass mer awer eng extreem gutt Zesummenaarbecht hate mat dem Finanzministère, insbesonnesch och mat der Tresorerie, an dass ech och hei hinne Merci soe fir all hir Efforten an dësem Dossier.

An nach eng Kéier merci fir déi breet Zoustëmmung zu dësem Projet de loi.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci dem Här Wirtschaftsminister Franz Fayot. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8102. Den Text steet am Document parlementaire 8102<sup>2</sup>.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi 8102 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi 8102 ass mat 58 Jo-Stëmme bei 2 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Martine Hansen), Marc Spautz (par M. Max Hengel), Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 9. 8107 – Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 15 juillet 2022 visant à mettre en place un régime d'aides aux entreprises particulièrement touchées par la hausse des prix de l'énergie causée par l'agression de la Russie contre l'Ukraine

Den nächste Punkt um Ordre du jour ass de Projet de loi 8107 iwwert d'Bäihëlle fir Entreprises, déi vun der Hausse vun den Energiekäschte betrëff sinn. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission spéciale « Tripartite »**

**M. Gilles Baum** (DP), rapporteur | Merci fir d'Wuert, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, de Projet, deen ech Iech haut virstellen, dee kennt Der schonn zum Deel. Dat ass effektiv déi zweet Ofännerung vun engem Projet, dee mer schonn am Juli gestëmmt hatten an och nach eng Kéier Enn Oktober. Den Temporary Framework vun der Europäescher Kommissioun ass adaptéiert ginn an dofir adaptéiere mer och hei de Projet a mir erweideren en.

Et geet effektiv haut ëm déi aktuell Betribshëllef, déi ëmgeännert ginn. Wéinst de steigenden Energiekäschte si fir d'alleréischte de 15. Juli, wéi gesot, eng Rëtsch Hëllef fir eis Entreprises agefouert ginn. Dat war nom éischten Tripartite-Accord an nom zweeten Tripartite-Accord hu mer virun engem Mount e Gesetz gestëmmt, woumat dës Aiden ausgeweit gi sinn, fir dass nach méi Betriber kéinten dovunner profitéieren, an d'Montante vun deenen Hëllef sinn an deem dote Kader vum zweete Vott och eropgesat ginn.

Déi Hëllef ginn erméiglecht duerch den Encadrement temporaire de crise vun der Europäescher Kommissioun, en Encadrement, dee, wéi gesot, den 28. Oktober 2022 verlängert ginn ass bis Enn 2023. An deem Zesammenhang huet et sech ugebueden, eist nationaalt Gesetz fir d'Betribsaideen och unzepassen an esou déi rezent Modifikatiounen aus dem neien Encadrement temporaire ze transposéieren.

Am Gesetz, dat mer de leschte Mount gestëmmt hunn, waren dräi verschidden Hëllef virgesinn. Bei där éischter goung et drëms, en Deel vun de Stroum- a Gasméikäschten ze kompenséiere fir Betriber, déi ganz vill Energie consomméieren. Dës Aide geet och nach bis Enn 2022 weider a gëtt awer duerno duerch eng nei Hëllef ersat, déi da vum Januar bis de Juni 2023 leeft. Net nëmmen eng Partie vun de Gas- a Stroumméikäschte vun de Méint Januar bis Juni 2023 kënnen dann nach kompenséiert ginn, mee och en Deel vun den Heiz- an Ofkillungsméikäschten, mat der Konditioun, dass dës aus Naturgas respektiv Stroum produzéiert gëtt.

Et gi véier Piliere vun Hëllef agefouert, ofhängeg dovunner, wéi staark de Betrib betraff ass vun den Energiepräiserhéijungen. D'Intensitéiten an d'Maximalbetrag vun den Hëllef ginn an d'Luucht geschrauft an d'Konditiounen, fir kënnen eng Energiehëllef unzefroen, gi manner streng gehalen, soudass méi Betriber wäerte kënnen an Zukunft dovunner profitéieren, oder eng méi grouss Partie vun de Méikäschte wäert eligibel gi fir eng Hëllef.

Déi zweet Aide, dat war fir Betriber, déi an der Constructioun tätég si respektiv déi Liewensméttel produzéieren an ausliwweren, an natierlech och fir den Transportsektor. Dës Aidë bleiwen erhale bis de Juni d'nächst Joer.

Déi drëtt Aide betrëfft Betriber, bei deenen d'Energiekäschten op d'mannst 2 % vum Chiffre d'affaires oder vun der Valeur de production ausmaachen. Si ass et scho ginn an déi Mesure bleift och erhalen.

Elo kennt natierlech déi nei Mesure, déi agefouert gëtt, dat heescht, dat ass eng nei Hëllef fir Produzenten vun Hëtzt a vu Biogas an och Bedreiwer vun Hëtztreseauen. Wéinst dem reglementareschen a kontraktuelle Kader, an deem sech déi Betriber befannen, hu si net d'Méiglechkeet, d'Energiepräiserhéijungen un hir Clientë weiderzeginn. Mat där neier Hëllef kënnen si elo bis zu 2 Milliounen Euro pro Entreprisegrupp kompenséiert kréien, fir en Deel vun den Approvisionnementméikäschten ze decken. D'Eligibilitäitsperiod fir dës Hëllef leeft vum Januar 2023 bis de Juni 2023.

Wichtig ass et awer och, an dësem Kader nach eng Kéier ervirzeisträichen, dass déi nei Hëllef, déi am Gesetz, dat haut virläit, beschriwwen ginn, esou wéi och déi viert Hëllef dem Accord vun der Europäescher Kommissioun ënnerleien. D'Zil, mengen ech, ass ganz kloer: D'Zil ass et, de Betriber, déi vun der Erhéijung vun den Energiekäschte betraff sinn, ënnert d'Aerm ze gräifen, hir Kompetitivitéit ze garantéieren, hinne Previsibilitéit ze ginn an natierlech och, géint d'Inflatioun virzegoen.

Ech wëll och nach eng Kéier op de Käschtepunkt vun dëse Mesuren agoen. Mam Solidaritéitspak 2.0 war e Mesurëpak entstanen vun iwwer 1,1 Milliard, an dovunner war e Budget virgesi vun 375 Milliounen Euro fir dës Aide. An de geplangte Budget bleift dee selwechten. Et dierf een natierlech net vergiessen, dass déi reell Depensen, déi mer herno musse budgetiséieren, ofhänke vun der Evolutioun vun den Energie- a Stroumkäschten a soumat grad wéi beim Gesetz virdru schwéier anzeschätze sinn.

Ech géif dann nach eng Kéier ganz kuerz op d'Avisen agoen. D'Chambre des Salariés, déi huet hiren Accord ginn. Si bewäert et als positiv, dass d'Betriber, déi Hëllef am Wäert vun iwwer 50 Milliounen kréien, beim Minister e Plang mussen deposéieren, deen hir Efforte fir d'Reduktioun vum CO<sub>2</sub>-Ausstouss duerleet. Si ënnerstëtzt och d'Tatsaach, dass d'Heizungs- an d'Biogasproduzenten souwéi och d'Bedreiwer vun Heizungsreseauen an deem neie Gesetz matagebonne ginn. Si bedauert, dass déi finanziell Hëllef awer net u sozial Krittere gekoppelt sinn.

De Staatsrot hat a sengem Avis keng Opposition formelle virgeluecht.

Voilà. Kolleeginnen a Kolleegen, a well déi nächst Sait vu mengem Text schonn d'Gesetz ass, wat ech Iech muer proposéieren, ...

(Hilarité)

... géif ech Iech elo den Accord gi vun der Demokratescher Partei a Merci soe fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools Här Rapporteur Gilles Baum.

Den éischten ageschriwwene Riedner ass den honorable Här Laurent Mosar.

**Discussion générale**

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo, merci och. Nach eng Kéier hei e ganz décke Merci un de Gilles Baum, deen eis op eng detailléiert, kompetent Aart a Weis nach eng Kéier dee wichtege Projet exposéiert huet. Ech mengen, mir wëssen a wat fir enger grousser Kris eng ganz Rei vun eisen Entreprisë sinn. An do ass natierlech all Zort vun Hëllef wichteg. Duerfir wäerte mir och dësen Text natierlech stëmmen.

Ech wëll och elo net méi op déi ganz Diskussioun agoen, déi mer schonn deelweis d'lescht Woch am Kader vun de Budgetdebatten hatten, wëll awer just och nach eng Kéier drop hiweisen, dass do ganz vill vun eise Betriber riskéieren, an eng konkurrenzuel ganz schwierig Situatioun ze kommen, well, an ech mengen, dat hutt Der all matkritt, ganz besonnesch d'Amerikaner, awer och zum Deel d'Chineese massiv Staatshëllef wäerten hiren Entreprises zougestoen. Allerdéngs, déi Hëllef wäerten net amerikanesch oder net national Entreprises net kënnen kréien, wat also zu enger ganz schwieriger Situatioun wäert bäidroen.

Et kennt derbäi, dass d'Europäesch Kommissioun, an dat begrësse mir eigentlech jo elo, relativ wäit fortgeschrafft ass mat där sougenannter Karbontax, déi soll agefouert ginn. Allerdéngs, an dat wollt ech awer de Mëtten nach eng Kéier ervirzeisträichen, soll

déi eréischt 2026 a Kraaft trieden. Ech muss Iech alerdéngs soen, mir sinn elo geschwënn 2023, dat ass also eréischt an dräi Joer. En attendant profitéieren d'Entreprises an Amerika vu substanzuelle Staatshëllef. Dat riskéiert also wierklech, ganz, ganz komplizéiert ze ginn!

A fir all déi Leit, an där gëtt et vill hei, och an der Chamber, déi sech mat där Thematik auserreesetzen: Et sinn ëmmer méi wierklech ganz héichkaräteg Wirtschaftswissenschaftler, déi wierklech virun enger Desindustrialiséierung, ganz besonnesch och an Europa, warnen, well et duerch déi ganz héich Produktionskäschten, déi déi meescht Entreprises net méi kënnen droen, effektiv wäert zu Delokalisatiounen kommen. An déi Delokalisatiounen wäerte sech ausserhalb vun der Europäescher Unioun maachen!

Ech weess, Här Wirtschaftsminister, Dir deelt sécherlech déi dote Bedenken. Ech wëll just hei wierklech nach eng Kéier den Appell maachen, dass sech d'Regierung och mat grousssem Engagement zu Bréissel asetzt, dass déi Mesuren, déi wierklech noutwendeg sinn, esou schnell wéi méiglech an net eréischt 2026 wäerte geholl ginn.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Mosar. Als nächste Riedner steet den Här Yves Cruchten prett a kritt direkt d'Wuert.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Jo, merci Här President. A léif Kolleeginnen a Kolleegen, merci och dem Gilles Baum fir säi ganz gudden Rapport. Mir begrëssen ausdrécklech dëse Gesetzestext aus der Fieder vum Wirtschaftsminister Franz Fayot, well en ass méi wichteg, wéi een op den éischte Bléck kéint mengen!

Besonnesch ervirhiewe wëilt ech zu dësem Text den neien Artikel 3bis, dee mir an d'Gesetz vum 15. Juli wäerte bäisetzen. Engersäits gëtt mat dësem Artikel d'Hëllef fir d'Entreprisë méi breet, soudatt, wéi de Rapporteur et och scho gesot huet, méi Entreprisë kënnen gehollef kréien. D'Entreprise muss net méi als „entreprise grande consommatrice d'énergie“ gëllen, fir an de Genoss vun dëser Hëllef ze kommen. D'Entreprise wäert och net méi eng Verdueblung vun hiren Energiekäschten a Kaf huele mussen, ier se Usproch op eng Ennerstëtzung kritt.

Anersäits geet och de Montant vun der Hëllef jee no Situatioun vun der Entreprise nach eng Kéier an d'Luucht. Eng energieintensiv Entreprise, déi an engem besonnesch betraffene Sektour aktiv ass, ka mat den neien Ännerungen bis zu 80 % vun den eligibele Käschte respektiv 75 Milliounen Euro rembourséiert kréien. Et muss een natierlech bedenken, dass mir ëmmer nëmmen an deem Perimeter operéiere kënnen, dee mir vun der EU-Kommissioun gestallt kréien. Ech fannen, dass et essentiel ass, dass et an all EU-Memberstaat déi selwecht Grenze gëtt, bannent deenen déi national Regierungen dann hëllef kënnen, soss kéim et zu deloyale Verhalensweisen tëschent de Memberstaaten, déi eigentlech kee gutt Enn géifen huelen.

Ech sinn awer méi generell der Meenung, dass mir musse méi eng déif Iwwerleeung op EU-Niveau féieren, fir dass mir eis net selwer ze vill d'Handschellen uleeën. Erlaabt mer dofir, dass ech ganz e bëssen aushuelen: Bei senger zweeter Staatsvisitt an den USA huet de franséische President jo justement säin amerikaneschen Homolog virun engem gewëssene Protektionismus duerch den American Inflation Reduction Act gewarnt.

**Une voix** | Genau!

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Dësen amerikanesche Subventionsprogramm mat engem Volume vu ronn



350 Milliarden Euro fir déi digital an ekologesch Transition ass jo och en Thema gewiescht op dem leschten EU-Sommet. An et geet mer, wann ech dovunner schwätzen, virun allem em d'Hëlfe, déi mir am Beräich vun den Investissementer a Schlüsseltechnologien an der EU maache respektiv och net maachen.

Esou si vun de weltwäiten Investissementer an Halbleiter – ech weess leider kee Lëtzebuergesch Wuert dofir –, a Semi-conducteurs tëschent 2016 an 2022 grad emol 7 % an der EU gemaach ginn, awer 30 % an den USA an, haalt Iech un: 63 % an Asien! Wann ee weess, datt déi Halbleiteren awer onverzichtbar si fir all innovativ technologesch Applikation, da weess een also, dass mir do dréngend mussen nohuelen. Mir duerfen och net naiv sinn, well aner Länner a Regiounen an der Welt sinn et och net!

Déi Hëlfe, déi mir haut stëmmen, betreffen natierlech net dës kruzial Investissementer. Andeems mir awer den Entrepreneuri hei zu Lëtzebuerg Loft verschaffe mat hiren Energiekäschten, stärke mir hir Liquiditéiten a suergen derfir, datt si net weider mussen an hiren Investissementer wichteg Projekte sträiche goen. Wéi gesot, dës Hëlfe sinn also méi wichteg, wéi ee kéint op den éischte Bléck unhuelen.

Aus dësem Grond gëtt meng Fraktioun ganz gären den Accord zu dësem Projet. Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Cruchten. An d'Wuert geet un d'Madamm Josée Lorsché.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Merci, Här Präsident. Och mir ënnerstëtzen dëse Projet de loi ganz kloer. Den Yves Cruchten huet eng ganz Rei Detailler nach zousätzlech erkläert, déi och ganz an eisem Sënn sinn. An deem Sënn soe mir da Merci fir de Rapport vum Gilles Baum a ginn den Accord vun der Fraktioun.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Lorsché. An d'Wuert geet weider un den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här Präsident, ech wëlt och ufänke mat engem grouse Merci un den Här Baum. An ech muss soen, ech hat elo geduecht, dat Gesetz hei, dat gëtt elo eng normal Diskussioun, wéi mer se dacks esou bei méi technesche Gesetzer féieren, a mir soen alleguer, datt mer d'accord sinn, well mer jo wierklech och, ech géif soen, déi meescht heibannen, wann net all, mat dëser Iddi d'accord sinn a well et eebe wichteg ass, datt mer dat maachen.

Mee et ass vill méi interessant ginn, wéi ech geduecht hat, well souwuel den Här Mosar wéi och den Här Cruchten hunn eigentlech op eng Kritik reagéiert, déi d'ADR scho ganz laang formuléiert huet, nämlech datt d'Europäesch Unioun an dëser Situatioun an och als Konsequenz vun der Sanktiounspolitik an där schaarfer Konkurrenz – och vun den USA, notament – zu de Verlëierer vun der aktueller Situatioun gehéiert. Dat heescht, dee gréisste Verlëierer ass déi onglécklech Ukrain mat all deem Misär, dee mer do gesinn. Mee ekonomesch huet d'Europäesch Unioun eng ganz schlecht Positioun am Abléck an engem ganz haarden internationale konkurrenzellen Ëmfeld.

Dat muss mer einfach gesinn. Dat hu mer och betount, ëmmer nees. An et ass ganz wichteg, selbsterständlech, datt mer all Schrëtt an Europa ënnerhuelen, fir datt déi Nodeeler net entstinn oder, wa se do sinn, erëm ausgeglach ginn. Mir kënnen jo net, datt ass genau richtig, eng Desindustrialiséierung, eng Delokalisatioun akzeptéieren, toleréieren, déi op d'Käschte vun den Zukunftsperspektive vun de

Memberstaate vun der Europäesch Unioun geet. Dat ass einfach net dran. An dofir muss mer eis ganz seriö an och wa méiglech onpoleemesch mat deenen do Problematiken auserueesetzen. Well mir sinn amgaangen, an eng ganz schwierig Phas vun der industrieller Entwécklung vun der Europäesch Unioun eranzegoen. Dofir sinn déi Hëlfe wichteg, mee déi Hëlfe net aleng.

En Ënnerscheid gesinn ech zwar an där Positioun, déi den Här Mosar esquiséiert huet. Hie begréisst déi Kuelendioxidimporttaxen, déi elo solle kommen. Importtaxe kënnen an dëser Situatioun vläicht Sënn maachen. Mee et muss ee wëssen: All Importtax mécht alt erëm eng Kéier Produiten, déi mer importéieren, méi deier a si dréckt den Inflationsdrock nees erop. Ech mengen, och dat muss ee ganz kloer gesinn. Dofir sinn Importtaxe warscheinlech ni e gutt Mëttel vun der ekonomescher Reguléierung. Besser wär et, eis international op e Kader kënnen ze eeneg vu Staatshëlfe, wéi och de President Macron et zu Washington ugeschwat hat.

Ech mengen, dat wär dee bessere Wee. Mee dee wierkleche Kinnekswee aus dëser Situatioun eraus, dat ass e Schluss vun där Sanktiounspolitik – mir hunn et ëmmer erëm gesot –, well mir ekonomesch déi sinn, déi am meeschte verlëieren!

Dat gesot, mengen ech, ass et kloer, datt mer dat hei ënnerstëtzen. Mir hate scho virdru gesot, mir wäerten alles maachen, fir de Schued vun eise Leit, vun eisen Entrepreneuri ewechzehalen. Mee ech si ganz frou, muss ech soen, datt elo awer eng Rei vun den Intervenanten heibannen op déi Problematik ausdrécklech higewisen huet. Mir hunn dat scho laang gemaach. Mir kritiséiere ganz kloer déi Politik, déi mer als Europäesch Unioun féieren, well se eis schuet. An dofir muss mer dat hei elo hoffentlech an der Déift an hoffentlech och onpoleemesch virun diskutéieren.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. An da wier et un där honorabeler Madamm Myriam Cecchetti.

**Mme Myriam Cecchetti** (déi Lénk) | Jo, merci, Här Präsident. Dem Rapporteur och vu menger Säit aus e grouse Merci fir säi schrëftlechen a mündleche Rapport. Och hei vun eiser Säit näischt Neies, mir bleiwen och hei eiser Linn trei a wäerten eis enthalen, well et hei och keng sozial Kritär gëtt. Déi feelen eis einfach.

Déi nei Aidë ginn duerch d'EU agefouert. Ech mengen, mir kucken, eis Lëtzeburger Legislatioun un déi europäesch unzabannen, an zwar esou séier wéi méiglech. Wat mir awer och begrëssen, ass, datt verschidden Entrepreneuri dru gebonne sinn, fir eeben hir CO<sub>2</sub>-Emissiounen ze reduzéieren. Ech mengen, dat ass immens wichteg an den haitegen Zäiten.

D'Enveloppe budgétaire geet jo och net an d'Luucht, soudatt ee vläicht kéint mengen, datt d'Entreprise vläicht och dës Aiden net esou vill brauchen. Mee bon, datt muss een dann nach gesinn. Et ass, wéi den Här Baum gesot huet, datt een dat einfach muss gesinn, wéi et elo eebe weidergeet, ob dat just eng momentan Opnam ass an awer vläicht méi Sue gebraucht ginn.

Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här Präsident. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och dëst Gesetz ass wéi dat viregt eng Verlängerung vun enger

Dispositioun, déi mer hei an der Chamber schonn am Juli eng Kéier ugeholl haten. Dëst ass also och e Gesetz, dat am Kader vum Tripartite-Accord 2.0 läit, dat den Entreprise soll hëlfe, déi héich Energiekäschten hunn.

Bon, d'Aidë ginn elo bis Juni 2023 verlängert a mir hoffen iergendwéi, datt et bis dohinne besser geet. Ech hu virdru a menger Ried zur Verfassungspropos vun déi Lénk gesot, datt ech en Optimist sinn an datt ech gären an eng positiv Zukunft kucken. An esou kucken ech positiv an d'Zukunft an ech hoffen, datt mer tatsächlech am Juni 2023 kee weidert Gesetz brauchen.

Wann ee bedenkt, datt mer hei just vun den Aidë fir déi éischt sechs Méint vum nächste Joer schwätzen, dann ass d'Enveloppe vun 375 Milliounen Euro dach substantiell. Do gesäit een, wéi grouss dësen Hëlfe-pak ass. D'Hëlfe goufen ausgeweit, esoudatt net nëmme méi d'Hëtzen, mee och d'Kille vun engem Betrib kann drënnerfalen. Jo, bei minus néng Grad dobauss stellt ee sech vläicht d'Fro: Killen? Mee mir maachen dat heite jo net just fir haut a fir muer, mee fir déi nächst sechs Méint, an do wäerten och Killagregater erëm gebraucht ginn. An et kann een dem Metzler och net soen, e soll seng Ham oder seng Rieslingspaschtéit einfach virun d'Dier setzen, well ech mengen, da géif se ganz séier ëmgoen!

Och de Biogas ass elo Deel vun den Hëlfe. A wann eng Firma déi Hëlfe kritt an dës iwwer 50 Milliounen leien, da muss dës Firma och innerhalb vun engem Joer dem Staat e Plang virleeën, wéi se méi klimafreundlech wëll ginn a wéi se op erneierbar Energie wëll setzen. Dat ass eppes, wat mir Piraten nëmme begrësse kënnen, well et ass am Interess vum all Firma, och vun deenen, déi net ënnert déi Kritär falen, fir den Energieverbrauch esou nohalte wéi méiglech ze gestalten. A bei esou héije Montanten ass och eng gewësse Verantwortung vis-à-vis vum Staat als Bailleur d'urgence u sech ginn.

D'Firme muss secherstellen, datt se bei enger nächster Energiekris besser opgestallt sinn, andeems se haut schonns op erneierbar an dezentral Energie setzen, déi eis net ofhängeg vu fossilen Energien a virun allem net ofhängeg vun autoritärer Staate maachen.

Här Präsident, dës Aidë si wéi d'Coûts non couverts néideg, fir eng Krisensituatioun ze iwwerbrécken. Si weisen an eisen Aen och, datt cibléiert Politik méiglech ass. D'Betriber kommen an deenen nächste Wochen a Méint net laanscht dës Käschten an dofir brauche se kuerzfristeg a cibléiert Hëlfe.

Mir Piraten wäerten dofir dës Mesuren, grad wéi déi aus dem Juli, déi mer och schonn eng Kéier matgedroen hunn, och haut erëm matdroen. Mir bleiwen eiser Linn trei, an dat net, ouni dem Rapporteur villmools Merci ze soe fir säi mündlechen a schrëftleche Rapport. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Wirtschaftsminister Franz Fayot.

### *Prise de position du Gouvernement*

**M. Franz Fayot**, Ministre de l'Économie | Här Präsident, virop e grouse Merci un de Rapporteur Gilles Baum fir säi gudden an ausféierleche Rapport. Och merci un all d'Intervenanten an dëser Debatt. An ech freeë mech iwwert déi breet Zoustëmmung zu dësem effektiv wichtege Projet de loi. Ech wäert och elo net méi hei am Detail agoen op déi verschidden Hëlfe. De Rapporteur huet dat ganz gutt gemaach, mir haten déi Diskussioun schonn d'lescht Woch, dofir ginn ech elo net méi am Detail heiroen an.

Mir wëssen alleguer, dass mer eis hei an engem euro-päesche Kader beweegen, dee mer esou breet wéi méiglech ëmsetzen. Mir hunn dat am Kader vun der Tripartite versprach a mir maachen dat och elo, fir eise Betriber ze hëllefen, iwwert d'Ronnen ze kommen. Dat ass e Kader, deen evolutiv ass, deen ugepasst gëtt iwwert d'Zäit vun der Kommissioun an dee mir dann natierlech och allkéiers am Kader vun eisem Gesetz upassen. Dat war bis elo scho véiermol de Fall a mir wäerten dat och weiderhi maachen en fonction dovun, wéi d'Situatioun evoluéiert.

Dat war nom éischten Tripartite-Accord de Fall mam éischte Solidaritéitspak, an och elo mam zweete Solidaritéitspak. Dat betrëfft kleng, mëttel an och grouss Entreprises. De Mëttelstandsminister huet och scho virun enger Zäit hei eng Aide erabruucht fir bis zu 500.000 Euro. Dat concernéiert virun allem déi méi kleng a mëttel Betriber. An elo, wéi gesot, hu mer hei Aidé fir d'Betriber bis zu 4 Milliounen Euro, déi bis elo op 2 Milliounen Euro limitéiert waren, an och mat méi engem klengen Pourcentage bei den Energiekäschte vun 1,5 % vum Émsaz oder der Valeur de production vun zejoert. Dat ass also méi breet an dat mécht also och den Zougang zu dësen Aidé méi grouss op fir eng Partie aner Entreprises, déi bis elo keen Zougang hatten.

Ech géif gäre just e puer Wuert soen zu där Diskussioun, déi elo gefouert ginn ass vum Laurent Mosar an och vum Yves Cruchten zu de protektionisteschen Tendenzen a verschiddene Regiounen vun der Welt an och der Äntwert vun der Europäescher Unioun dozou. Ech mengen, d'Äntwert ass effektiv an där Transitioun, an där mer dra sinn, an och an där neier geopolitischer Donne, wou mer effektiv gesinn, dass et op ganz ville Plaze vun der Welt erëm méi Protektionismus gëtt. Amerika ass genannt ginn, China ass genannt ginn. Och do muss Europa effektiv eng Äntwert hunn. An déi Äntwert läit engersäits am CBAM, an deem Mechanismus, fir de Carbone aux frontières ze taxéieren, wann een esou wëllt. Et kann ee regrettéieren, dass deen eréischt 2026 kënnt, mee et ass awer, wéi gesot, e ganz wichtige Schrëtt.

Entre-temps mécht Europa och eng Politik vu sougenannter „strategiegescher Autonomie“, wou se eng ganz Rei strategesch Beräicher ausgewisen hunn, wou Europa elo wirklechen och Efforte mécht, fir erëm hei bei eis Capacitéiten opzebauen. Dat ass de Fall bei de Semi-conducteurs, mam europäeschen Chips Act, deen och elo weidergeet. Dat ass och de Fall bei de rare Metaller, mam Rare Earth Act, deen elo deemnächst wäert verabschit ginn an Europa. An och eng ganz Rei paneuropäesch Projeten, wéi am Beräich vum Cloud, wéi am Beräich vun der Cybersecuritéit, awer och an enger ganzer Rei anerem, ginn op de Wee bruecht, fir justement Europa ze renforcéieren par rapport zu der internationaler Konkurrenz.

Dat si wichteg Schrëtt, wichteg Politicken, déi, mengen ech, och wirklechen an déi richteg Richtung ginn a wou ech och sécher sinn, dass mer als Europäer eng Äntwert fannen op déi Tendenzen, op déi protektionisteschen Tendenzen, déi mer an anere Regiounen vun der Welt gesinn, an déi awer och e wichtige Schrëtt sinn, fir eis eegen Industrie, eis eege Betriber ze schützen an där Transitioun, well et virun allem drëm geet – wa mer gären hätten, dass se sech digitaliséieren an dass se sech och dekarboniséieren –, dass mer se fir d'éischt emol kompetitiv behalen, fir dass se dann och kënnen investéieren a sech op déi nei Donne do kënnen astellen.

Entre-temps, wa mer iwwer Desindustrialiséierung schwätzen an och méiglech Ofwanderungen, mengen ech, ass et awer gutt, nach eng Kéier drun ze erënneren, dass mer och hei zu Lëtzebuerg eng Rei Saache

maachen, fir eis Betriber ze accompagnéieren an där Transitioun. Ech hunn dat schonn d'lescht Woch eng Kéier gesot. Dozou gehéieren déi Borne-électricien an de Betriber, déi mer encouragéieren, wou mer e speziellen Aidéregimm agefouert hunn, wou mer och hei bis zu 40 Milliounen Euro investéieren. Mir gesinn, dass dat eng Initiativ ass, déi ganz vill Succès huet. Dozou gehéiert awer och den Appell fir d'PV-Anlagen, déi d'Betriber kënne bei sech installéieren fir d'Autoconsummation vun erneierbaren Energien. Och dat huet Succès.

An da gesi mer awer och, dass eis Betriber hei zu Lëtzebuerg weiderhi ganz vill investéieren, och an där schwieriger Zäit, an där mer elo dra sinn. Mir gesinn, dass mer an dëser Legislatur en Invest hu vun 1 Milliard, ronn 1 Milliard Euro, vun eisen Industriebetriber, déi weiderhin an hir besteeënd Industriebetriebe investéieren, fir se bis 2025 ze moderniséieren. E ganz prominent Beispill ass do natierlech ArcelorMittal, déi annoncéiert hunn, dass se 100 Milliounen Euro an hir Lëtzeburger Stolwierker investéieren, fir grénge Stol hei ze produzéieren. Och Paul Wurth ass e groussen Acteur, dee wirklechen kann eng wichteg Roll spille weltwäit fir d'Efforten an der Dekarbonisatioun, zum Beispill mat neien Hydrogeentechnologien.

Ech mengen also – an ech mengen dat net nëmmen, ech weess dat och, well ech vill bei Industriebetriber ënnerwee sinn –, dass et zwar eng schwéier Zäit ass, mee dass et awer trotzdem weiderhin nach ganz vill Optimismus gëtt bei eise Betriber an och ganz vill Zouversicht an d'Zukunft an dass och weiderhin Investitiounen geplangt sinn an och elo scho realiséiert ginn.

Mir müssen als Staat, als Regierung och weiderhin alles derfir maachen, fir d'Entreprises an dëser Transitioun ze begleeden. Dat maache mer mat dësem Projet de loi. Merci.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Fayot. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8107. Den Text steet am Document parlementaire 8107<sup>3</sup>.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi 8107 et dispense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmmen bei 2 Abstentionen ugehall.

*Ont voté oui : Mmes Diane Aehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Marc Spautz (par M. Jean-Marie Halsdorf), Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusti Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Cloener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Simone Asselborn-Bintz) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary,*

*M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup (par M. Jeff Engelen) et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Se sont abstenues : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

## 10. 8034 – Projet de loi relative à un régime d'aides pour la promotion du transport ferroviaire et fluvial

Als nächste Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëtte kënnt de Projet de loi 8034 iwwert d'Bäihëllefen am Kader vun der Promotioun vum Zuch- a Schëffsverkéier. D'Wuert huet elo d'Madamm Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Chantal Gary. Madamm Gary, Dir hutt d'Wuert.

**Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics**

**Mme Chantal Gary** (déi gréng), rapportrice | Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, Här Minister, wa mer eis Ëmwelt- a Klimaziler europawäit erreeche wëllen, muss et eis onbedéngt geléngen, beim Transport a grad och beim Wuerentransport eng däitlech Verbesserung ze erreechen. Vun alle Klimagasemissiounen vum EU-Transportsektor sinn ëmmerhin 38,1 % op de Camiontransport iwwert d'Strooss zréckzeféieren. An den EU-Transportsektor ass iwwerhaapt eenenzege Sektor, wou d'Zäregasemissiounen tëscht 1990 an 2020 nach lichter geklomme sinn amplaz erofzegoen.

Och zu Lëtzebuerg spillt de Wuerentransport iwwert d'Strooss eng Haaptroll. Dat dréit net nëmmen zu de Kuelendioxid-, Stéckoxid- a Feinpartikelemissiounen bäi, mee bréngt och eng Iwwerlaaschtung vun de Lëtzeburgerer souwéi den europäesche Stroosse mat sech.

(Interruption)

De Projet de loi Nummer 8034, dee mer haut hei virleien hunn, ass e klengen, mee wichtigen Deel vun den Efforten, fir e méi nohaltege Wuerentransport hincréieren an ebe méi Gidder vun der Strooss op d'Schinn an op d'Schëff ze kréien.

2016 hat d'Chamber schonn en éischt Gesetz iwwert d'Promotioun vum Transport combiné gestëmmt. Domadder krut d'Regierung d'legal Basis, fir mat staatleche Subventiounen d'Transporteurs ze encouragéieren, fir vum Transport combiné Gebrauch ze maachen an hir Wueren iwwer méiglechst laang Strecken mam Zuch oder mam Schëff amplaz de ganze Wee mam Camion ze transportéieren.

Dëse Regimm gouf réckwierkend op den 1. Januar 2015 fir véier Joer applizéiert an duerno ganz lichter verännert an ëm weider véier Joer verlängert. Dëse Regimm fir d'Promotioun vum Transport combiné leeft deemno elo den 31. Dezember 2022 aus.

Här President, mam virleiende Projet de loi setze mer weiderhi geziilt op d'Promotioun vum Transport combiné, fir datt déi betraffe Wuere fir e méiglechst klengen Deel per Camion a fir e méiglechst groussen Deel per Zuch oder Schëff transportéiert ginn. Zousätzlech gëtt dee besteeënd Promotionsmechanismus awer reforméiert an och op den alengegen Transport iwwert d'Schinn an iwwert d'Waasser ausgeweit. Dofir steet elo net méi „promotion du transport combiné“